

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 10. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

D'Dokteschassociatioun AMMD huet sech rezent enttäuscht driwwer gewisen, datt d'Nomenklatur, also déi offiziell Lëscht, wéi eng Leeschtungen zu Lëtzebuerg vun Doktere bruecht a vun der Gesondheetskeess deels rembourséiert ginn, am Hibleck op d'COVID-19-Pandemie net op e Neits mat hinnen ofgeschwat gouf. D'Teleconsultatioun an d'Leeschtung vun deenen Dokteren, déi am Kader vun der Corona-Kris ausser der Rei geschafft hunn, sinn zwee Beispiller, wou d'AMMD sech méi Matsproocherecht gewünscht hätt. D'Regierung hätt dann och zwee Règlements grand-ducaux agefouert, déi souwuel den Dokteren, ewéi och der CNS "op de Kapp gefall sinn", ewéi et wiertlech an enger Matdeelung vun der AMMD heescht. Dëst ass ëm sou méi onverständlech, wann ee bedenkt, datt d'Doktere jo grad déi sinn, déi direkt um Terrain mat där neier Situatioun konfrontéiert sinn a sécherlech an deem Zesammenhank och nätzlech Erfarunge sammelen, déi fir de Gesondheetsministère kéinte relevant sinn.

Doriwwer eraus stellt sech d'Fro vun enger allgemenger Neifaassung an Aktualiséierung vun der Nomenklatur. Dësen Dossier ass dréngend, well vill Dokteren eisen Informatiounen no net méi wëllen zu Lëtzebuerg schaffen, well d'Nomenklatur einfach a villerlee Hisicht deenen aktuellen Erausforderungen net méi ugepasst ass.

An deem Kontext géif ech der Madamm Ministesch gär folgend Froe stellen:

1. Firwat gouf d'AMMD net an de Prozess vum Ausschaffe vun der Nomenklatur am Hibleck op d'COVID-Pandemie aktiv matagebonnen?
2. A wéi engem Zäitplang wëll d'Regierung en Accord mat den Dokteren iwwer eng Neifassung vun der Nomenklatur fannen? Huet d'Diskussioun iwwer d'Nomenklatur e prioritäre Charakter?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten